PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/02/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Konsumenteschutz & Mobilitéit weiderzeleeden.

D'Union des Consommateurs Luxembourgeois (ULC) fuerdert an engem Communiqué vum 4te Februar 2019 déi rezent Präishausse vun den Tariffer direkt réckgängeg ze maachen. Esou trefft d'Präiserhéijung virun allem Konsumente mat niddrege Léin trëfft, déi am Alldag op den Auto ugewise sinn an elo aus dem Stand mussen nach méi vun hirem Budget opbréngen, fir sech hiren Auto kënnen ze leeschten. Dofir ass dës Präishausse ëm esou méi verwonnerend, well grad d'SNCT an hire Grondsätz komescherweis de Konsumenteschutz als eng vun hire Prioritéiten definéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Wäert d'Madamm Ministesch eppes ënnerhuelen, fir der Fuerderung vun der ULC Rechnung droen? Wa jo, ënnert wéi enger Form? Falls nee, aus wéi enge Grënn net?
- Wëssend, dass de Contrôle Technique vun engem Gefier vum Gesetz virgeschriwwen ass, ass déi néi Tarifikatioun bei der SNCT S.A. der Madamm Ministesch no vereenbar mat enger glafwierdeger a konsequenter Protektioun vum Konsument ?
- Ass déi néi Tarifikatioun bei der SNCT S.A. der Madamm Ministesch no vereenbar mat enger glafwierdeger a konsequenter Protektioun vum Konsument, wëssend, dass de Contrôle Technique vun engem Gefier vum Gesetz virgeschriwwen ass?
- Goufen et am Virfeld vun dëser Präishausse Gespréicher tëscht dem Transportminister an der Ministesch fir Konsumenteschutz ? Ass den Dialog tëscht béide Ministèren an dëser Saach séchergestallt gewiescht ? Wat fir eng Konklusioune sinn aus deene Gespréicher gezu ginn?
- Wéi gedenkt d'Regierung an Zukunft den Automobilist virun esou drastesche Präishaussen ze schützen ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député